N°2532
Entrée le 29.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 2532 vum 27. Juni 2025 vun den Hären Deputéierte Yves Cruchten a Ben Polidori iwwer de Recrutement bei den CFL.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwer d'Recrutementer bei den CFL. D'CFL huet dozou follgend Informatiounen weiderginn:

*Wat sinn d'Grënn dofir, dass net all Poste konnt besat ginn?*

De gréissten Deel vun den Erklärunge sinn an der parlamentatescher Fro n° 1846 ernimmt ginn. Ergänzend ass ze soen, dass allgemeng Schichtaarbecht, besonnesch Nuets- a Sonndesaarbecht, een Attraktivitéitsproblem um Aarbechtsmarché huet. Dofir ass et och fir d'CFL méi schwéier genuch Personal an de betraffene Beruffskategorien ze fannen. Dank den intensive Beméiungen konnten trotzdeem quasi all betraffe Posten vun 2024 an der Tëschenzäit besat ginn.

*Wéi eng Mesure ginn ëmgesat, fir d'Attraktivitéit vun den CFL als Employeur z'erhéijen?*

D'Attraktivitéit an d'Notorietéit vun den CFL als Employeur hu sech an de leschte Joren däitlech erhéicht. Am Joer 2024 gouf d'CFL an enger onofhängeger Etüd déi all Joer vun Randstad duerchgeféiert gëtt, als attraktiivsten Employeur zu Lëtzebuerg ausgezeechent. Den "Employer Branding" gëtt kontinuéierlech weiderentwéckelt, duerch Kommunikatioun an de soziale Medien, Präsenz op enger grousser Zuel vun Evenementer an duerch Marketingcampagnen, wéi rezent "Missions that Rock" an "Empowering Journey".

D'CFL Maison-mère kritt all Joer iwwer 25.000 Kandidaturen am Recrutement. Dat ënnersträicht d'Attraktivitéit vun den CFL.

*Wat fir en Impakt haten d'Reforme vun de Carrièren aus dem Joer 2015 op de Recrutement?*

Den Tableau heidrënner ënnersträicht, dass d'Zuelen bei den Recrutementer zanter der Reform an der Moyenne eropgaange sinn.

Recrutementer 2012 – 2019:

| *2012* | *2013* | *2014* | *2015* | *2016* | *2017* | *2018* | *2019* | *2020* | *2021* | *2022* | *2023* | *2024* |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 166 | 202 | 147 | 130 | 186 | 225 | 271 | 307 | 207 | 210 | 215 | 309 | 301 |

*Duerch d'Aféiere vun enger neier "Prime opérationnelle" sollen d'Beruffer méi attraktiv gemaach ginn, wéi vill Leit wäerte vun dëser neier Primm profitéieren?*

Ongeféier 1.200 Persoune wäerten op Dauer Beneficiaire vun dëser Prime sinn.

*Wéi vill Iwwerstonne goufen, opgelëscht no Beruff, an de Joren 2023 an 2024 bei den CFL geleescht?*

D'Unzuel u geleeschten Iwwerstonnen ass réckwierkend op ofgeschlosse Jore schwéier nozevollzéien, well all Zorte vu Stonnen um Enn vum Joer op engem eenzege Sammelkonto, dem sougenannten CET-Konto (Compte Épargne Temps), zesummegeluecht ginn.

An dësem Konto si sämtlech Stonnen enthale, déi nach net geholl goufen. Dëst beinhalt ënner anerem:
- reguläre Congé,
- Roudeeg,
- Astreinte-Stonnen,
- Iwwerstonnen,
- souwéi och Stonnen, déi duerch „compensation en nature" entstinn.

All d'Käschten a Relatioun mat sämtlechen Typpe vu Stonnen, déi um CET-Konto zesummegedroe ginn, si järlech am Budget vun den CFL provisionnéiert.

Déi absolvéiert Iwwerstonne ginn ënner Anhalung vum Aarbechtsrecht an dem Personalstatut vun den CFL geleescht a comptabiliseiert.

*Wéi vill vun de Leit, déi an de leschte 5 Joer bei den CFL eng Formatioun ugefaangen hunn, schléissen dës erfollegräich of? Wéi vill dovu bleiwe bei den CFL agestallt?*

Erfollegsquot:

| *2020* | *2021* | *2022* | *2023* | *2024* |
|---|---|---|---|---|
| 83,57% | 75,71% | 79,07% | 82,85% | 82,72% |

An de leschte Joren hunn d'CFL hier pädagogesch Approche, didaktesch Methoden an Outil'e souwéi d'Examinatioun komplett iwwerschafft.

Et goufen och Initiative geholl fir zesumme mam Educatiouns- an Héichschoulministère méi spezifesch Ausbildungen a Studien auszeschaffen.

Vun den 1007 Leit, déi den Examen de fin de stage 2020-2024 gepackt hunn, sinn der op de 24.7.2025 nach 919 do, also 91,3%.

*Wéi vill Personal muss déi nächst 5 Joer altersbedéngt ersat ginn?*

Ënnert der Hypothees, dass d'Leit zum fréist méiglechen Zäitpunkt hir d'Recht op (Pré)retraite an Usproch huelen, stellen sech d'Ofgäng follgendermoossen duer:

| *2025* | *2026* | *2027* | *2028* | *2029* |
|---|---|---|---|---|
| 73 | 74 | 90 | 82 | 88 |

*Wéi vill fäerdeg forméiert Personal aus dem Ausland gouf an de leschte Joren agestallt?*

An den Eisebunnsberuffer gëtt kee fäerdeg forméiert Personal agestallt, weder aus dem Inland nach aus dem Ausland. Fir dës Beruffer ass grondsätzlech eng intern Ausbildung bei den CFL virgesinn. An net eisebunnsspezifesche Beruffskategorië ka fäerdeg forméiert Personal agestallt ginn. Am Joer 2023 goufe 54 Persounen aus dem Ausland agestallt, an 2024 waren et der 45.

*Wéi schätzt d'Regierung de Sozialdialog bei den CFL an?*

De Sozialdialog gehéiert säit jeehier zu de Prioritéite vum CFL Groupe.

Wéi een aus dem Tableau heidrënner erausliese kann, si reegelméisseg Reunioune mat de Sozialpartner an der Maison-Mère CFL op verschiddene Niveauen.

| | *2024* | *2025 (Januar-Juni)* |
|---|---|---|
| Comité de Suivi vun der Reglementatioun RH: | 21 | 9 |
| Zentral Personaldelegatioun: | 7 | 3 |
| Comité social de Consultation: | 1 | |
| Personaldelegatiounen an de Servicer | 23 | 10 |

Dozou kommen d'Reunioune vum CFL-Verwaltungsrot, wou d'Sozialpartner duerch 5 Administrateure vertruede sinn.

An de Joren 2023 an 2024 goufen iwwerdeems an der Maison-Mère 5 Reglementer am Kader vum Sozialdialog nei ausgeschafft oder iwwerschafft, mat engem positiven Avis vun der Zentraler Delegatioun oder vum Verwaltungsrot.

Lëtzebuerg, den 29. Juli 2025

Ministesch fir Mobilitéit
an ëffentlech Aarbechten
(s.) Yuriko BACKES